



**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro n°6632 vum
8. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser**

- 1) Esou wéi all Promotioun- a Kommunikatiounsaktioun vun der Promotion de l'image de marque baséiert d'Kommunikatioun iwwert d'Facebook-Säit vu "LuXembourg - Let's make it happen" op d'Richtlinnen vun der Strategie de Promotion de l'image de marque, déi den 2. Juni 2021 vum Regierungsrat validéiert gouf, an där dräi Prioritéiten - d'Kreativitéit d'Diversitéit an d'Nohaltegkeet - an eng Visioun - déi vun enger "Stärkung vum Positionnement vun engem engagéierten Lëtzebuerg op der internationaler Zeen, engem staarken Alliéierten am Kader vun engem nohaltege Wuesstem, engem Facilitateur vun innovativen Iddien fir eng besser Welt" - definéiert goufen.
- 2) Op der Facebook-Säit vu "LuXembourg - Let's make it happen" poste keng Organisatiounen oder Associatiounen. Déi eenzeg Instanz déi op dëser Säit däerf posten ass, esou wéi et fir eng Social media Säit vun engem Ministär d'Reegel ass, de Service deem d'Säit ugehéiert an zwar, an deem Fall, de Service vun der Promotion de l'image de marque vum Aussen-anEuropaministär.
- 3) Et sief héi op d'Äntwert op déi 2. Fro verweisen.
- 4) D'Visioun vun enger "Stärkung vum Positionnement vun engem engagéierten Lëtzebuerg op der internationaler Zeen, engem staarken Alliéierten am Kader vun engem nohaltege Wuesstuem, engem Facilitateur vun innovativen Iddien fir eng besser Welt", berout op der Erkenntnis - déi och an der Strategie de Promotion de l'image de marque beluecht ass - datt de Positionnement vu Lëtzebuerg iwwert seng reng national Interêts eraus eng grouss Roll an der Perceptioun vun onsem Land spillt. An der Promotion de l'image de marque geet et jo drëms eis Instrumenter ze ginn fir alle Bedeelegten vun der Promotioun vu Lëtzebuerg z'erlaben e koherent a positiivt Bild vu Lëtzebuerg a senge Waerter no baussen ze droen.

Lëtzebuerg, de 7. September 2022

Aussen- an Europaminister

(s.)

Jean Asselborn